REÇU le
06 MARS 2026
Rép : NF

SANDWEILER
sandweiler@csv.lu

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 6. Mäerz 2026

**Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 10. Mäerz 2026**

Här Buergermeeschter a Memberen aus dem Schäfferot,

Am Numm vun der CSV Sandweiler biede mir Iech an der nächster Gemengerotssëtzung vum 10.03.2026 zu follgende Froe Stellung ze huelen. An der Suite biede mir Iech ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

**Fro 1:**

Onsen Informatiounen no gouf bei Aarbechten am Gebai vun der Maison Relais "Um Weier" Mëtt Februar Asbest fonnt.

- Kennt Dir dës Informatioune confirméieren?
- Wann jo, wat ass bis haut ënnerholl ginn?
- Wat fir eng Aarbechte goufen do duerchgefouert?
- Firwat goufe keng Analysen am Virfeld vun den Aarbechte gemaach ginn?

Onsen Informatiounen no hätt sech de Stëbs vun den Aarbechte bis an d'Kiche vun der Maison Relais verbreet.

- Wéi gouf d'Sécherheet vun de Kanner, dem Personal vun der Maison Relais an och den Aarbechter um Chantier garantéiert?
- Goufen d'Eltere vun de Kanner iwwer deen Zwëschefall informéiert?
- Ass d'Asbestentsuergung schonn ofgeschloss?

**Fro 2:**

Bierger hu bei ons reklaméiert dass se sech säit kuerzem op enger Lescht mussen aschreiwen an ënnerschreiwe wann se op d'Gemeng giel Tute siche kommen. Heifir kréien se eng Lescht virgeluecht wou schonn déi Bierger, déi virun hinne passéiert sinn, sech agedroen hunn.

- Wat ass de Grond fir d'Sammele vun dësen Daten?
- Ass déi Prozedure mat den Dateschutzreglementatioune kompatibel?

Dobäi fanne mir dass keen anere Bierger soll wësse wann eeler Matbierger des Tuten aus gesondheetleche Grënn brauchen.

**Fro 3:**

An der Gemengerotssëtzung vum 30. Oktober 2025 huet de Gemengerot sech eestëmmeg dofir ausgeschwat dass d'Gemeng selektiv Falen installéiert géint asiatesch Runnen. Em dëst Zäit am Fréijoer ass de wichtegsten Zäitpunkt fir d'Kinneginnen ze fänken ier se nei Kolonie grënnen.

- Wou a wéi vill där Falen huet d'Gemeng installéiert?

**Fro 4:**

E puer besuergte Bierger hunn ons informéiert dass a verschiddene Stroossen a leschter Zäit vill Raten hinnen iwwer de Wee lafen, dëst besonnesch um Kapellebierg, am Réimerwee an an der Eiterstrooss.

- Wat ënnerhëlt d'Gemeng dogéint?

**Fro 5:**

- Wéi vill Posten an der Gemengenadministratioun sinn aktuell net besat?
- Wéi eng sinn dat genau?
- Kennt Dir ons en aktualiséierten Organigramm virleeën?

**Fro 6:**

Säit der éischter Gemengerotssëtzung no de leschte Walen, huet de Gemengerot ob Demande vum Schäfferot, eng ganz Rëtsch Punkte vum Ordre du jour ajournéiert.

- Wéi vill Punkte sinn dat der bis haut?
- Em wat vir eng Punkten handelt et sech genau?
- Wéini gedenkt de Schäfferot déi nach eng Kéier op Dagesuerdnung ze sëtze fir dat de Gemengerot kann doriwwer ofstëmmen?

**Fro 7:**

An der Gemengerotssëtzung vum 5. November 2024 huet de Gemengerot de Service "Super Senior" gestemmt.

- Wéi vill Senioren hunn sech gemellt fir dobäi matzemaachen?
- Wéi vill Kanner profitéiere vun deem Service?

**Fro 8:**

An der Gemengerotssëtzung vum 12. Dezember 2024 huet de Gemengerot de Service "Baby plus" gestemmt.

- Wéi vill Persoune vu Sandweiler hunn am Joer 2025 vun deem Service profitéiert?

Romain DUMONG
Conseiller

Jean LEMMER
Conseiller

Simone MASSARD-STITZ
Conseillère